N°2445
Entrée le 27.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2445 vum 12. Juni 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi detailléiert sinn d'Bestëmmungen, déi d'Ausübung vun der ästhetescher Behandlungen zu Lëtzebuerg reegelen?*

Ästhetesch Behandlungen ëmfaassen am Prinzip medezinesch Akten a falen domat ënner d'Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwert d'Dokteren, d'Zänndokteren an d'Veterinären, wat virgesäit datt all Persoun déi zu Lëtzebuerg Medezin exerzéiert, muss am Viraus eng Autorisatioun fir ze praktizéieren hunn.

Bestëmmte reglementéiert Gesondheetsberuffer däerfen allerdéngs och am Kader vun hirem Kompetenzberäich Injektioune virhuelen, wann eng medezinesch Ordonnance vum Dokter virläit[1].

Eng weider gesetzlech Dispositioun gesäit vir datt déi sougenannten *actes d'effraction cutanée* de Gesondheetsberuffler virbehale sinn, also Leit déi eng Autorisatioun fir ze praktizéieren hunn[2].

*2. Wéi vill Leit hunn d'Autorisatioun fir ästhetesch Behandlunge wéi Botox a Filler ze maachen a wat sinn hir Qualifikatiounen?*

D'Spezialitéit vun der ästhetescher Medezin ass net zu Lëtzebuerg unerkannt an deemno ginn och keng Autorisatiounen an dëser Spezialitéit ausgestallt.

*3. Gëtt et Ënnerscheeder tëschent der Reguléierung vun traditionellen Dokteren an deenen, déi nëmmen ästhetesch Behandlunge maachen?*

Nee, am Prinzip däerf all autoriséierten Dokter ästheetesch Traitementer ausféieren.

*4. Wéi gëtt d'medezinesch Iwwerwaachung vu "Med Spas" a änlechen Ariichtungen organiséiert?*

Wann eng Meldung erakënnt, déi géint déi uewe genannte Gesetzer oder de *Code de la santé* verstéisst, kann d'Gesondheetsdirektioun eng Enquête maachen an eventuell op der Plaz Ermëttlungen duerchféieren.

Beim Verstouss géint de *Code de déontologie médicale* kann och de Collège médical enquêtéieren[3].

[1] Loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé
[2] Article 1 de la loi du 24 mai 2018 sur les conditions d'hygiène et de salubrité relatives à la pratique des techniques de tatouage par effraction cutanée, du perçage, du branding, cutting, ainsi que du bronzage UV
[3] Arrêté ministériel du 1 er mars 2013 approuvant le Code de déontologie des professions de médecin et de médecin-dentiste édicté par le Collège médical

*5. Verfüügt de Ministère iwwer Chifferen zu Komplikatiounen oder onerwënschten Niewewierkungen no ästhetesche Behandlungen? Gëtt et e System fir Incident-Meldungen ze sammelen an ze analyséieren?*

Wat d'Medizinprodukter ugeet, déi an der ästhetescher Medezin benotzt ginn, gëtt et e Vigilanzsystem am Aklang mam Reglement (EU) 2017/745 (MDR):

- Hiersteller a Vertrieder si verflicht, all seriös Virfäll betreffend Medezinprodukter, der Gesondheetsdirektioun ze mellen.
- Gesondheetsberuffler, Benotzer a Patienten hunn d'Méiglechkeet, seriös Virfäll am Zesummenhang mat der Benotzung vu Produkter der Gesondheetsdirektioun ze mellen.[4]

Dës Donnéeë ginn analyséiert fir Trends oder periodesch optriedend Problemer z'identifizéieren. Bis elo gouf nëmmen een eenzege Fall mat Botulinumtoxin zu Lëtzebuerg gemellt.

*6. Wéi kontrolléiert de Ministère d'Qualitéit an d'Hierkonft vun injizéierbaren ästhetesche Produite wéi Botox a Filler?*

De Botox an all Produit dee Botulinumtoxin enthält, gëtt zu Lëtzebuerg als Medikament kategoriséiert. Virun hirer Kommerzialisatioun mussen se eng *autorisation de mise sur le marché (AMM)* kréien nodeems d'Qualitéit, d'Effizienz an déi néideg Sécherheet bewise gi sinn. Fir dës Produkter gëllt d'Reglementatioun betreffend Medikamenter wéi fir all aner Medikamenter.

*7. Gëtt et Moossname géint den Import vu gefälschten oder net autoriséierten ästhetesche Produkter?*

All Medikament dat Botulinumtoxin enthält an zu Lëtzebuerg autoriséiert ass, muss duerch de Logistikservice vun engem autoriséierte pharmazeutesche Grousshandel un ëffentlech oder Spidol's Apdikte geliwwert ginn, fir un de Patient oder un de behandelenden Dokter ausgeliwwert ze ginn. All aneren Transport oder Importatioun gëtt vun der Douane blockéiert.

Kontrolle kënnen op Basis vun Notifikatiounen duerchgefouert ginn, an d'wirtschaftlech Acteure (Hiersteller a Vertrieder) hunn d'Obligatioun, d'Konformitéit vun de kommerzialiséierte Produkter z'iwwerpréiwen. Douane an d'Akzisenadministratioun kontrolléiert a blockéiert d'Importatioune vu Medikamenter mat Botulinumtoxin déi net autoriséiert sinn.

*8. Wéi vill Kontrolle gi pro Joer an ästheteschen Ariichtungen duerchgefouert?*

Am Fall vun enger Notifikatioun iwwer de Verdacht op illegal Aktivitéiten am Beräich vun de Gesondheetsberuffer kann d'Gesondheetsdirektioun déi néideg Kontrollmoossnamen ergräifen.

Zanter Ufank 2025 goufe 6 ästheetesch Cabinete besicht.

[4] https://santesecu.public.lu/fr/espace-professionnel/domaines/pharmacies-et-medicaments/dispositifs-medicaux.html

*9. Goufe Fäll vun illegaler Ausübung vun der ästhetescher Medezin festgestallt, a wa jo, wéi gouf reagéiert?*

All Kéier wann een illegaalt Ausübe vun ästheetescher Medezin festgestallt gëtt, geet eng Meldung deementspriechend un de Parquet weider.

*10. Wéi bewäert d'Ministesch eis aktuell Reguléierung am Verglach mat eisen europäeschen Nopeschlänner? Sinn Ännerungen un der aktueller Gesetzgebung geplangt fir d'Patientesécherheet ze verstäerken?*

Déi aktuell Gesetzgeebung deckt e groussen Deel vun den therapeuteschen Traitementer of.

Et gi permanent nei Traitementer ugebueden déi andauernd d'Fro opwerfen, op de legale Kader vun dëse Praktiken nach adequat ass. Well d'Offer vun ästheeteschen Traitementer effektiv séier wiisst, leeft zur Zäit eng Analyse am Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet iwwer d'Entwécklung vum gesetzlecher Kader am noen Ausland, ier iwwer déi eventuell néideg gesetzlech Upassunge befonnt gëtt.

*11. Wéi laang an intensiv muss d'Ausbildung si fir ästhetesch Injektiounen däerfen ze maachen? Gëtt et obligatoresch Weiderbildungsexigencen fir Praktiker an der ästhetescher Medezin?*

Injektioune gehéieren zu der initialer Formatioun vun all Personal dat autoriséiert ass Injektiounen duerchzeféieren.

*12. Wéi sinn d'Urgenceprozeduren gereegelt wann et bei ästhetesche Behandlungen zu Komplikatioune kënnt? Mussen ästhetesch Zentre speziell Rettungsausrüstung an -medikamenter op der Plaz hunn?*

Am Fall wou et sech ëm eng Praxis fir medezinesch Ästhetik handelt an domat en Dokter präsent ass deen autoriséiert ass zu Lëtzebuerg ze praktizéieren, huet de Cabinet am Prinzip eng Noutfallkëscht[5]. Dës erméiglecht et, bei eventuelle medezinesche Komplikatiounen am Kader vun engem ästheteschen Traitement séier z'intervenéieren.

Bei Cabineten déi Traitementer ubidden déi net medezinescher Natur sinn, ass normalerweis keen Dokter oder Gesondheetsfachpersonal präsent. Falls Komplikatiounen oder Problemer bei engem Traitement optriede sollten, muss d'Personal vun deem Cabinet de Rettungsdéngscht kontaktéieren.

*13. Gëtt et Altersrestriktiounen fir ästhetesch Behandlungen zu Lëtzebuerg? Wéi gëtt de Schutz vu Mineuren a vulnerabelen Erwuessene garantéiert?*

Bei medezineschen Injektioune gëllt d'Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Rechter an d'Obligatioune vum Patient. Den Artikel 13 gesäit vir, dass d'Rechter vu Mannerjärege vun den Elteren oder vun der erzéiungsberechtegter Persoun ausgeüübt ginn an dass de Mannerjärege souwäit wéi méiglech un den Decisioune mat bedeelegt gëtt[6].

---

[5] loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments

[6] Loi modifiée du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient, portant création d'un service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé

Fir alles wat d'Tätowéieren oder aner Techniken ubelaangt déi ënnert d'Gesetz vun 2018[7] falen, gëtt op d'Artikele 6 a 7 verwisen déi all dës Techniken op Mineure verbidden, ausser den *perçage du lobule de l'oreille.* Eng Ausnam gëtt och gemaach wann d'Mineure méi wéi 16 Joër hunn, dann duerfen de Perçage an den Tatouage och ugewant gi wann ee *consentement éclairé* gemaach gouf an d'Eltere respektiv d'gesetzlech Vertrieder vun der *autorité parentale* hire formellen Accord ginn hunn.

*14. Plangt d'Ministesch nei Moossname fir d'Reguléierung vun der ästhetescher Medezin ze verstäerken?*

Hei gëtt op d'Äntwert vun der  Fro 10 verwisen.

*15. Wäert et eng speziell Lizenz fir "Med Spas" ginn, änlech wéi an aneren europäesche Länner?*

Ästhetesch Cabineten déi keng medezinesch Traitementer ubidden (och *Med Spa* genannt) ginn als kommerziell Entreprisen ugesinn, deemno falen dës Strukturen ënnert déi selwecht Reegele wéi all aner kommerziell Entreprise a brauchen deementspriechend eng *autorisation d'établissement* vum Wirtschaftsministère.

Lëtzebuerg, den 27. August 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[7] Loi du 24 mai 2018 sur les conditions d'hygiène et de salubrité relatives à la pratique des techniques de tatouage par effraction cutanée, du perçage, du branding, cutting, ainsi que du bronzage UV